N°4410
Entrée le 27.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4410 vum 8. Juli 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: Um Fonds-de-Gras zu Péiteng gouf een hëlzent Trappepodest gebaut.*

- *Wéi een Holz gouf heifir genotzt?*
- *Gouf fir d'Podest dat afrikanescht Birenholz Baillonella toxisperma oder Moabi genotzt?*
    - *Falls jo: firwat ass fir dëse Podest Tropenholz agesat ginn?*
    - *Kann d'Ministesch den Zertifikat (FSC oder PEFC) presentéieren, dee weist, dass d'Holz vun dësem Podest retraçabel ass?*

Deen an der parlamentarescher Fro ernimmten hëlzenen Trapepodest um Site vum Fonds-de-Gras zu Péiteng ass net vun enger Verwaltung, déi dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ënnersteet, geplangt, ausgeschriwwen oder realiséiert ginn.

Deemno verfüügt de Ministère weder iwwer Informatiounen zur Holzaart, déi fir d'Konstruktioun vum Podest benotzt gouf, nach iwwer Donnéeën, déi et erlaben auszesoen, ëm wéi eng Holzaart et sech hei handelt.

Aus deem selwechte Grond leien dem Ministère och keng Informatiounen iwwer d'Beweeggrënn fir d'Wiel vum benotzte Material vir. Och ass de Ministère net am Besëtz vun engem Zertifikat (FSC, PEFC oder engem gläichwäertegen Nohaltegkeets- a Retraçabilitéitsnoweis), deen d'Originn an d'Retraçabilitéit vum benotzte Holz dokumentéiert.

*Fro 2: Fir wéi vill staatlech finanzéierte Projeten (ëffentlechen Ausschreiwungen) ass an de leschten zwee Joren Holz ausserhalb vun Europa genotzt ginn an a wéi villen net?*

Et gëtt keng zentraliséiert Statistik zu dësem Sujet, déi Informatiounen iwwer d'Hierkonft vum am Kader vun ëffentleche Projeten agesaten Holz enthält. Et ass deemno net méiglech, déi ugefroten Zuelen zu staatlech finanzéierte Projeten (dorënner och Projeten, déi vu Gemengen, mat zum Deel staatleche Subsiden, realiséiert goufen) ze ermëttelen, bei deenen an de leschten zwee Joer Holz ausserhalb vun Europa benotzt gouf, respektiv bei deenen dat net de Fall war.

Et sief awer drop higewisen, dass Holz an de Projete vun der Stroossebauverwaltung nëmme vereenzelt zum Asaz kënnt. Seng Notzung beschränkt sech an der Reegel op Konstruktioune vu méi klenger Envergure, wéi Gelänneren, kleng Passerellen oder Verkleedungs- an Dekoratiounselementer. An dëse Fäll gëtt, no Ofstëmmung mam zoustännege Fierschter an ënner Berécksiichtegung vun den techneschen Ufuerderungen, am Allgemengen eenheemescht oder europäescht Bauholz agesat.

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes